N° 4070
Entrée le 07.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3894 huet d'Ministesch uginn, datt 2025 insgesamt 58.821 Persounen als Coassuré bei der CNS verséchert waren, déi nach ni enger Aarbecht oder selbststänneger Aktivitéit nogaange sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch eng detailléiert Opdeelung vun dësen 58.821 Coassuréen no de verschiddene Kategorien (Studenten, Persoune mat enger Hannerbliwwenenpensioun, Persounen ënnert temporärer Protektioun, etc.)?

2. Kann d'Madamm Ministesch uginn, wéi vill vun dëse Persounen d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, Bierger vun engem EU-Memberstaat sinn, oder aus engem Drëttstaat kommen?

3. Huet d'Regierung Zuelen dozou, wéi laang dës Persounen am Duerchschnëtt als Coassuré verséchert sinn, ouni jeemools enger Aarbecht oder selbststänneger Aktivitéit nogaangen ze sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés